NEWSLETTER N°2 JUNI 2021

Feiert mat eis en Dag an der Natur,

Dëse Weekend kënnt Dir ***d'Natur op eng villfälteg Manéier spilleresch am Ellergronn entdecken***. Zesumme mat eise Partner invitéiere mir iech e Sonndeg, 6. Juni op „En Dag an der Natur" zu Esch a propositéieren iech eng Panoplie vun **10 *verschiddenen Ateliere fir Grouss a Kleng***.

Wat et alles z'entdecke gëtt, fannt Dir an dëser Newsletter. Vill Spaass beim Liesen a ***mir gesinn eis dann e Sonndeg*** am Ellergronn.

D'ATELIEREN AM EENZELEN



Sonndes, de 6. Juni ass den Dag vun der Natur am Naturschutzzentrum Ellergronn.

Kommt laanscht a maacht mat bei engem ***Workshop vun enger Stonn***, spadséiert duerch en natierleche Site vu groussem biologeschen Interessi, schwätzt mat Naturalisten, entdeckt faszinéierend Disziplinnen.

Rendezvous tëscht 10:00 a 17:00: Workshoppen um: 10:00; 11:30; 14:00; 15:30

Wéinst gesondheetleche Mesuren am Zesummenhang mat der Covid-19 Pandemie muss ee sech ***am Virfeld umelle fir un engem Atelier deel ze huelen***.

INFO AN UMELDUNG

FOODTRUCKS

Um Dag vun der Natur muss ***keen hongreg oder duuschtreg bleiwen***. De ganzen Dag iwwer propositéiere mir iech e Ravitaillement bei engem vun deene ***véier Foodtrucks***, déi dir am Ellergronn fanne kënnt.

Et gëtt exklusiv Kaffisspezialitéiten, Eisekuch, Churros, Donuts an Uebstspiesser mat Schokela, vegetaresch a vegan Wraps, Burger a Fritten.

LËSCHT VUN DE FOOD TRUCKS

MENG QUELL DOHEEM



E ganz speziellen Atelier propositéiert d'***Kënschtlerin Hisae Ikenaga*** dëse Sonndeg. Mat hir zesummen kënnt Dir iech ër eege Quell dir doheem bauen.

Dëse ***Reewaasserkollektor*** kënnt Dir duerno op der Terrass, um Balcon oder am Gaart opgehaange ginn fir Waasser ze sammelen wann et reent. Waasser, wat een duerno benotze kann, fir et senge Planzen ze ginn.

An désem Video stellt d'Kënschtlerin hiren Atelier vir:

VIDEO KUCKEN

FOTO-FALE VUM LIST

De LIST, de ***Luxembourg Institute of Science and Technology***, propositéiert och en Atelier, dee ganz am Zeeche vun der Biodiversitéit steet.

An hirem Atelier geet et ém ***Foto-Fallen***, déi d'Chercheure vum LIST an de Bëscher vun der «Minett UNESCO Biosphere» opgestallt hunn a mat deene ***wëll a rar Déieren iwwerwaacht*** ginn.

GITT MÉI GEWUER

6, Ellergronn
L-4114 Esch-sur-Alzette
LUXEMBOURG

+352 261797-1
prosud@prosud.lu
minett-biosphere.com